



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/05/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.

Och no der Covid-19 Pandemie kënn et nach zu Kontrollen op de Lëtzebuergesch-Däitsche Grenziwwergäng. Ee Memberstaat muss laut Kapitel II vum Schengen Accord de Conseil européen an d'Europaparlament informéieren, wann Kontrollen op de Bannegrenze vum Schengeraum stattfannen.

Däitschland mécht dann och nach ëmmer Grenzkontrollen a Richtung Éisträich an Éisträich mécht der op senger Grenz mat Slowenien. D'EU Kommissioun huet elo rezent vun Éisträich de schrëttweisen Ofbau vun dëser Kontrolle gefuerdert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass den Ausseministère ëmmer iwwert d'Kontrolle vun eisen däitschen Noperen informéiert? Wa jo, wat fir Informatiounen krut Lëtzebuerg an deem Zesummenhang?
2. Wéi gesäit den Ausseminister generell d'Anhale vum Schengen Accord an der EU am Moment? Wat muss gemaach ginn, fir oppe Grenzen an deem Zesummenhang ofzesécheren?
3. Wat ka Lëtzebuerg maachen, fir d'Anhale vum Schengen Accord ze sécheren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

